# Coyolles 2022





De Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war vum 19. bis den 21. Mee 2022 op den Domaine de Coyolles an den Département Aisne an der Regioun Hauts-de-France mat der Méck fëschen. Déi leschten zwee Joer wat dat net méiglech duerch d´Ëmstänn ronderëm den Corona Virus mee um Domaine de Coyolles hunn se net laang de Kap hänken gelooss an hunn dat Bescht aus der Situatioun gemaach an hunn hiren Site a Form bruecht fir d´Zukunft nom Confidement. Dat heescht Sie hunn ganz vill um Site geschafft andeems Sie d´Hecken geschnidden hunn an och anerwäerts iwwerall d´Weeër an den Zougang op d´Inselen optiméiert hunn esou dass elo den ganzen Site gutt zougängeg ass, dernieft hunn se dovunner profitéiert fir een Geschäft mat Fëscher Material anzeriichten esou dass een elo och op der Plaz Alles kafen kann wat een benéidegt fir mat der Méck ze fëschen. Dat war een Seegen fir den Jemp, hat Hien dach säin Gilet Doheem vergiess mat all sengen Mécken déi Hien extra fir zu Coyolles ze fëschen gebonnen hat, de Vincent huet Hien awer direkt depanéiert an déi Mécken déi Hien vum Vincent recommandéiert kritt huet hunn net nëmmen gutt gefaangen Nee Hien huet sech ze guer nach éiert mir Heem gefuer sinn nach ee puer Modeller kaf fir Doheem no ze

bannen. Och eisen President hat vun der Geleeënheet profitéiert an huet seng 20 Joer al Schnouer, schwéieren Häerzens, mat enger Neier ersat ech mengen elo ass Hien erëm fir 20 Joer roueg.









Den Dan konnt et anscheinend net erwaarden an war schonn um véier Auer an der Nuecht fortgefuer an war deemno natierlech och als Éischten vun eis ukomm. Hat et ënnerwee nach gereent an och ee puer fatzeg Wiederen waren erof gaangen, esou sinn mir déi dräi Deeg wou mir beim Céline a beim Vincent verbruecht hunn mat guddem Wieder belount ginn, zwar huet net ëmmer d´Sonn geschéint mee et waren angeneem Temperaturen an gereent huet och net méi. Schonn ewéi mir

ukomm sinn, mir waren natierlech pünktlech fir d´Mëttesiessen agetraff, hunn eis Kolleegen déi schonn geféscht haten nëmmen konnten Positives beriichten, haten Sie dach schonn esou munch schéin Forell gefaangen. Mir konnten dann och niewent den Reebouforellen déi iwwregens an top Form waren an eis Alles ofverlaangt hunn, och schéin Baachfrellen fänken. Donieft schwammen zu Coyolles och wonnerschéin Routfiederen an respektabelen Gréissten ronderëm déi och gären eis Mécken geholl hunn. Am Weier hannert der Lodge waren dann och nach vill Black Bassen ze gesinn am den Patrick hat ze guer een dovunner mat der dreschener Méck gefaangen.









Wat et méi spéit Owes ginn ass wat eisen President ëmmer méi lass geluecht huet, Hien war net méi ze bremsen an huet ee Fësch nom aneren gefaangen, Hien huet Alles no geholl wat mir zu Saulxures verpasst haten. Jiddwereen huet vill Fësch gefaangen an dat obschonns zu Coyolles nëmmen mat der dreschen Méck an mat der Nymphe dierf geféscht ginn, mee d´Fësch waren esou aktiv dass dat och déi schéinsten Aart a Weis war fir d´Fësch ze iwwerlëschten, mir hunn och Alleguerten dreschen

geféscht. Ganz erfreet waren mir och ewéi am Laf vum éischten Dag am Nomëtten eis zwee Kolleegen den Gast an den Rom ukomm sinn, Sie koumen vun der Fär vun Cheerbourg nodeems Sie ee ganzen Mount an Irland waren fir ze fëschen an hunn ee Stop bei eis ageluecht fir mat eis zesummen um Domaine de Coyolles ze fëschen. Eng weider ganz flott Saach ass dass een zu Coyolles kann op den Hiecht fëschen wouvun eis Fëscher dann och profitéiert hunn an och wann dës Kéier keen Hiecht gefaangen ginn ass war den Äifer bei eisen Fëscher dach ganz grouss.













Coyolles ass awer net nëmmen fëschen mat der Méck, mee och vill Rou, gutt Iessen an ee gudden Pätschen, vill Ambiance, vill Frëndschaft an dat Alles an enger wonnerschéiner Natur. D´Céline an de Vincent hunn sech erëm all Méih ginn fir eis den Openthalt esou angeneem ewéi méiglech ze gestalten an mir haten och direkt erëm am Gefill hei sinn mir wëllkomm. Schonn d´Organisatioun vun der Sortie op den Domaine de Coyolles verleeft ëmmer ganz reiwungslos an et ass schued dass net méi vun eisen Fëscher fir dës Sortie mat gefuer sinn ewell och wann nëmmen eng gewëssen Kapazitéit un Schlofgeleeënheeten um Site selwer sinn esou besteet dach d´Méiglechkeet an engem Gite den am

Schlass vu Coyolles ënnerbruecht ass ze iwwernuechten. Ech hunn dann och nach ee puer Naturfotoen gemaach fir ze dokumentéieren ewéi een Androk den Domaine de Coyolles bei mir hannerlooss huet.











